Lëtzebuerger Guiden a Scouten

Grupp St Pirmin vum Séi
CCPL : IBAN LU45 1111 1919 2963 0000 | C/o Olivier Ludovicy Maison 12 L-9660 Insenborn | Tel : 899 548 | joensber@pt.lu http://pirmin.flash.lu

Ënsber, den 1. September 2010

Léif Biber, Wëllef, AvEx, CaraPio a RaRo
léif Elteren,

Di 1. Versammlunge fir dat neit Guiden- a Scoutsjoer si fir:

d'Biber: Samsdes, den 2.Oktober vun 14.00 bis 16.00 Auer am Chalet,
d'Wëllef: Samsdes, den 2.Oktober vun 14.00 bis 16.00 Auer am Chalet,
d'AvEx: Samsdes, den 2.Oktober vun 14.00 bis 16.00 Auer am Chalet,
d'CaraPio: Samsdes, den 2.Oktober vun 14.00 bis 16.00 Auer am Chalet, d'Cara-Pio hu keng fest Zäite fir hir Versammlung, hir Chefs soe Bescheed wann d'Versammlung ass.
d'RaRo: d'RaRo hu keng fest Zäite fir hir Versammlung, si gi sech Rendez-vous wa se sech gesi wëllen.

Wéi all Joer mussen awer och eis Memberslëschten à jour gesat ginn an d' Cotisatioun un de Verband iwwerwise ginn. All déi Leit, déi dëse Bréif kréie stinn op eiser Memberlëscht. Wann een, aus iergendwellecher Ursaach net méi wëllt an d' Guiden a Scoute kommen, soll e w.e.g. Bescheed soen, da wësse mir wou mer dru sinn.
D' **Cotisatioun** ass 14 € pro Joer. Domat huet all Member eng Haftpflichtversécherung an ass verséchert géingt Accidenter bei Guiden- a Scoutsaktivitéiten. Ausserdeem kritt all Member d' Zäitschrëft vu senger Branche heemgeschéckt. Wa méi ewéi een aus enger Famill Member bei den LGS ass an op der selwechter Adress wunnt, bezilt deen Eelsten déi 14 € an déi aner bezuelen 11 € op de Kapp.

Iwwerweist d' Cotisatioun w.e.g. **bis spéitstens den 15. Oktober 2010** op de CCPL : IBAN LU45 1111 1919 2963 0000 vum Grupp St Pirmin vum Séi mat der Mentioun « Cotisatioun 2011 + NUMM ».

Déi 14 € ginn integral un de Verband vun de Lëtzebuerger Guiden a Scouten iwwerwisen. **Wann dir eise lokale Grupp wëllt ënnerstëtzen, kënnt dir gär och méi iwwerweisen.**

De 25. a 26. September ass e **Gruppeweekend** zu Dikrech wou d' Montée gemaach gëtt.
De Weekend dauert vu Samsdes 14.00 Auer bis Sonndes 17.00 Auer.
Mellt iech w.e.g. fir dëse WE un andeems der **virum 10. September** 18 EUR op de CCPL IBAN LU45 1111 1919 2963 0000 vum Grupp St Pirmin vum Séi iwwerweist mat der Mentioun MonteesWE Dikrech + Numm vum Kand.
Weider Informatioune kommen no iwwer e-mail.

Op eiser Internetsäit http://pirmin.flash.lu fann dir nach aner Informatiounen iwwer de Grupp a Photoë vun den Aktivitéiten aus de Branchen.
Wann dir nach iergendwellech Froen hutt, zéckt net fir mat engem vun de Cheftainen a Chefs ze schwëtzen!

Ech wënschen eis all e flott Guiden a Scoutsjoer!

Mat beschte Scoutsgréiss,

Martine Stephany
GC adj.

Olivier Ludovicy
GC